N°1249
Entrée le 30.09.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.09.2024
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 30. September 2024

Här President,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

D'Education précoce, dat éischt fakultatiivt Joer vum Cycle 1, ass déi éischt Etapp vum Schoulparcours, déi d'Kanner op d'Schoul, d'Léieren an och op d'Méisproochegkeet virbereet. An enger Rei méi klenge Gemengen gëtt d'Education précoce, mengen Informatiounen no, nëmmen a "Classes mixtes" zesumme mat der Éducation préscolaire ugebueden.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend follgend Froe stellen:

- A wéi vill Gemengen gëtt et d'Éducation précoce just a gemëschte Klassen zesummen mat der Éducation préscolaire? Ëm wéi eng Gemengen handelt et sech ?
- Zanter wéini gëtt et d'Praxis vun de "Classes mixtes"? Wéi hunn sech dës Zuelen an de leschten 10 Joren entwéckelt?
- Wat ass de legale Kader, deen sou "Classes mixtes" virgesäit?
- No wéi enge Krittäre gëtt decidéiert, ob an enger Gemeng esou gemëschte Klassen ugebuede ginn oder separat Klasse fir de Precoce an de Préscolaire? Spillt den Effectif vun de Schülerinnen a Schüler heibäi eng Roll?
- Wat ass d'Roll vun Educatricen an Educateure vis-à-vis vun de Spillschoulskanner an esou gemëschte Klassen?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

N°1249
Entrée le 08.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1249 vun der honorabeler Deputéiert Francine Closener**

**Ad 1)**

Aktuell ginn et a 16 Gemenge sougenannte „Classes mixtes", an deenen esouwuel Schüler aus dem Cycle 1.0 précoce wéi och aus dem Cycle 1.1 a gegeebenefalls aus dem Cycle 1.2 ageschriwwe sinn.

Dës Klasse sinn a Schoule vu follgende Gemengen:

| | | |
|---|---|---|
| Bous-Waldbriedemes<br>Conter<br>Déifferdeng<br>Esch-Uelzecht<br>Garnech<br>Habscht | Hiefenech<br>Iechternach<br>Jonglënster<br>Käerch<br>Lëtzebuerg<br>Luerenzweiler | Parc Housen<br>Schengen<br>Sandweiler<br>Useldeng |

**Ad 2)**

An deene leschten 10 Joer huet sech d'Unzuel vun de Gemengen, an deenen et „Classes mixtes" gëtt, follgendermoossen entwéckelt:

| *2015/16* | *2016/17* | *2017/18* | *2018/19* | *2019/20* | *2020/21* | *2021/22* | *2022/23* | *2023/24* | *2024/25* |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **7** | **7** | **10** | **8** | **9** | **12** | **6** | **11** | **10** | **16** |

**Ad 3)**

An de legalen Dispositiounen ass festgehalen, datt de Cycle 1.0 précoce Bestanddeel vum Cycle d'apprentissage 1 ass.[1] Gläichzäiteg beseet d'Gesetz, datt eng Klass ee Grupp vu Schüler ass, deen ënnert der Verantwortung vun engem Titulaire de classe läit.[2] An dësem Kontext an am Kader vun de Cycles d'apprentissage ass et deemno méiglech, Schüler aus den Altersgruppe vun 3 bis 6 Joer zesummen an enger Klass am Cycle 1 ze beschoulen.

**Ad 4)**

Bei geréngen Effektiver vun de Joergäng innerhalb vun engem Cycle recommandéiert de Service de l'enseignement fondamental vu mengem Ministère gegeebenefalls eng Beschoulung a just enger Klass. Gläichzäiteg decidéiere vereenzelt Gemengen och am Kader vun hirer Schoulorganisatioun an no Récksprooch mat de concernéierte Membere vun der Schoulcommunautéit, Classes mixtes ze schafen, fir esou eng effizient Notzung vun de Ressourcen en Funktioun vun de Kannerzuele pro Joergaang ze garantéieren oder engem spezifesche Schoulkonzept Rechnung ze droen.

[1] Artikel 4 vun der *Loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental*
[2] Artikel 2 vun der *Loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental*

**Ad 5)**

Am Fall vun de Classes mixtes hëlt den Educateur/d'Educatrice Deel um Alldag an der Klass, woubäi de Fokus natierlech op de Schüler aus dem Precoce läit. Gläichzäiteg kann den zweeten Intervenant dem Enseignant awer och ënnerstëtzend bei der Betreiung an der Ëmsetzung vun Differenzéierungsmoossname fir d'Kanner aus dem Cycle 1.1 a gegeebenefalls dem 1.2 zur Säit stoen.

Lëtzebuerg, den 8. November 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH